PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 26/01/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Hei zu Lëtzebuerg ginn et divers Associatiounen, deenen hiren Objet et ass, Leit an den Aarbechtsmaart ze integréieren oder ze reintegréieren. Trotzdeem schéngt et sou, dat vill Leit, déi kuerzfristeg a sou Strukturen ënner kommen, ni aus hirer Noutsituatioun rauskommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit ginn aktuell vun Associatioune betreit, déi hinnen entweder hëllefen, eng Aarbecht op dem regulären Aarbechtsmaart ze fannen oder hinnen temporär eng Aarbecht bidden?

2. Wéi vill Leit, fannen iwwert dee Wee eng Aarbecht a Form vun engem CDD oder souguer CDI?
    - Wat fir eng Forme vun Accompagnement ginn do gebueden?
    - A wéi enge Fäll besteet eng Zesummenaarbecht mat Entreprisen oder Schoulen, fir eng (Re-)Integratioun ze erliichteren?

3. Wéi gesäit d'Zesummenaarbecht vun dësen Associatioune mat der ADEM a mam CNFPC aus?

4. Wéi laang dauert et am Duerchschnëtt bis déi Leit an enger Associatioun betreit ginn, eng nei Aarbecht fannen?
    - Wat sinn d'Schwieregkeete bei der Sich vun enger neier Aarbecht?
    - Wat gëtt gemaach, fir déi Schwieregkeeten ze behiewen?

5. Gëtt et eng onofhängeg Evaluatioun vun der Aarbecht vun deenen Associatiounen? Gëtt d'Erfarung vun de Betraffene bei där Evaluatioun berécksiichtegt?

6. Wéi schätzen d'Ministeren den Erfolleg vun dee Mesuren an? Besteet Verbesserungsbedarf?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député